



Commission de la circulation du 10.02.2021

Ufank 20h00

1. SIGNATURE DE LA LISTE DE PRÉSENCE (RÉUNION VIA MEETING.HELPERKNAPP.LU)

8/12 membres présents : Marc BUCHLER, Jean-Jacques BUTTEL, Patrick CINCIS, Rick EDERT, Patrick EVERARD, José FERNANDES, Gilles KLEIN, Marc HOFFMANN

4/12 membres excusés: Serge VAN KAUFENBERGH, Manou PETRY, Laurence GENGLER-VALMORBIDA, Patrick KRAEMER,

Président de la séance: José FERNANDES

Sekretär : Patrick EVERARD

2. BROSCHÜR - MOBILITÉIT AN DER GEMENG HELPERKNAPP

D'Inhalter vun der Broschür ginn opgedeelt an, éischtens, d'Detailler vun den neien RGTR Linnen an een zweeten Deel iwwert déi Annexe Servicer déi ugebueden ginn. De Réseau vun den Buslinnen ass nach net definitiv, dofir gouf sech mam zweeten Deel, den Annexen Servicer befaasst.

Et gëtt een Resumé vun deenen Servicer ausgeschafft, deen een detailléierten Iwwerbléck soll gin iwwert d' Fonctionnement, d'Präisgestaltung, den Radius (an deem een den betreffenden Service notzen kann) an wéi een op den Service kann zougräifen. D'Ziel ass et déi fäerdeg Analysen am Buet ze publizéieren, an spéiderhin och an d'Mobilitéitsbroschür vun der Gemeng Helperknapp ze setzen.

Dëst gëtt an verschiddeenen Gruppen ausgeschafft:

- Bummelbus: José FERNANDES & Marc BÜCHLER
- Late Night Bus: Marc HOFFMANN & Rick EDERT
- Nightrider: Patrick CINCIS & Patrick EVERARD
- Nuetsëil: José FERNANDES
- Adapto: Jean-Jacques BUTTEL
- (bloën) Minibus Gemeng Helperknapp: Laurence GENGLER-VALMORBIDA
Beim Minibus muss geklärt gin, wien kann deen Ufroen, wien géréiert daat, wéi ass een do assuréiert

Bei den jeeweilegen Servicer soll och nach gekuckt gi wéi eng Avantagen an Remisen vun der Gemeng ugebueden ginn.

3. RADAR PÉDAGOGIQUE

Den Gilles KLEIN huet eng Tabell ausgeschafft, als Resumé vun den Auswäertungen vun den Radar Pédagogiques.

Nodeems e puer kleng Upassungen gemaach gin, wollt d'Kommissioun dëst Dokument den Gemengevertrieder zur Verfügung stellen.

Déi Tabell kéint och am Buet publizéiert ginn, fir den Matbierger e puer Informatiounen iwwert Fonctionnement vun den Radaren ze ginn.

4. VERSCHIDDENES

- Fir déi nächst Reunion ass virgesinn eng Opstellung vun den eenzelen Parkméiglechkeeten an der Gemeng ze maachen. Et ginn ëmmer méi Leit déi op den ëffentlechen Transport zeréckgräifen an dofir awer mam Auto bis an d'Nopeschdurf fueren, well een do besser Ubannungen huet.
 - Vill ëffentlech Parkplazen ginn duerch Awunner blockéiert déi hiren Zweetauto iwwert een längeren Zäitraum do ofstellen. Bis déi nächst Versammlung soll gekläert ginn op et an der Gemeng eng Reglementatioun gëtt iwwert d'maximal Durée wou een dierf eng Parkplaz notzen.
 - Een weideren Projet deen bis déi nächst Versammlung vun den Memberen kann analyséiert gin ass: d'Méiglechkeet néi Verkéierskonzepter an der Gemeng auszeschaffen op Basis vum hollänneschen Virbild den „Buurtbus“ resp. dem däitschen Pendant „Bürgerbus / Bürgerauto“ wou d'Bierger sech em den Individual Transport këmmere. Do muss nieft der Faisabilitéit gekläert ginn op dat rechtlech méiglech ass an wéi et do mat den Assurancen ausgesäit.
 - Eng aner Optioun déi bis zur nächster Versammlung kann analyséiert ginn ass den Projet IOKI (ioki.de) vun der Deutschen Bahn. Et kann gepréift gin op dëst een Konzept ass wat een bei eis kann ëmsetzen.
-
- **Zu Brouch muss eng Léisung fonnt ginn fir d'rout Luucht op der Haaptstrooss besser ofzesécheren. Obwuel d'Luucht rout ass fueren reegelméisseg Autoen einfach duerch. Dëst hunn net nëmmen Memberen aus eiser Kommissioun schonn selwer beobacht, mee et hunn eis och schonn vill Elteren dorop ugeschwat déi mat hiren Kanner an d'Schoul ginn.**

Dëst muss onbedéngt un den Bureau d'Etudes weidergeleef ginn, déi sech em den Projet vum sécheren Schoulwee këmmere. Do mussen entweder zousätzlech 3D Markéierungen op den Stroossebelag kommen, eng méi grouss rout Luucht, oder op där Plaz eng Buedemerhéigung oder eng Verengung vun der Strooss.

Déi nächst Versammlung ass den 24 März 2021 um 20h00

FIN 22h00